No desem Krich wölle mir eng besser Welt oprichten, we' mer se virdrun haten. Virun allem wölle mer hun, datt d'Arbecht me' zo' E'ere könnt. Jidferé soll Geléenhét kre'en fir ze schaffen, jidferé soll ower och schaffe missen a jidferé soll durch seng Arbecht e Recht op en ustännegt Liéwen hun an eng Me'glechkét, zo' Wuelstand ze kommen.

# D'Unio'n

D'Unio'n erschengt all Woch am Verlag v. d. Unio'n Abonnement: 15 Fr. pro Quartal — Enzelnummer: 1.50 Fr. — Geschäfts- an amtlech Annoncen 2 Fr. pro Millimeterzeil. All aner Annoncen 1.75 Fr. — Administratio'n, Expeditio'n, Redaktio'n: Eck Philipp- an Enneschtgâss — Telefon 5832/508 — Postscheck Nr. 6491 — Verantwortlech ass den Aktio'nscomité.

**Jor 1 · No 10 · 2. Dezember 1944**

LETZEBURG DE LETZEBURGER (DEVIS V. D. UNION) * ORGAN VUN DER UNIO'N * ECH DENGEN DER HEMECHT (JANG DE BLANNEN)

# Gerechtegkét vrun allem am Staat

## Gerechtegkét

T'ass zwar gesot gin: „Kuckt net zevill eriwer no Frankreich a Belgien". An dach muss et gesche'en, well et bei ons ufänkt ze bont ze gin. Seit dem Dag vun der Liberati'on huet ké Staatsmann oder soss eng führend Perse'nlechkét an engem besate Land so' treffend Wirder fond we' de Prönz Charel vu Belgien. Dé Mann huet e feint Gefill, e gro'ssartegen Doigté an e gro'sst a nobelt Hierz, soss hätt en des Wirder ni font: „Le vrai Belge a plus besoin de justice que de pain". An ech soen: **„Le vrai Luxembourgeois a plus besoin de justice que de pain." Oennerstreicht „vrai".** So' ass et. Härgott am Himmel, ons Arbechter an ons Beamten, ons Baueren an ons Geschäftsleit brauche Bro't. — Awer me' ne'deg brauche se Gerechtegkét. Hu se ké Bro't, da können se dofir de Krich ukloen, den Hitler. Kre'en se awer keng Gerechtegkét, da mussen se hirt égent Land ukloen. — A watfir engem Numm hu mir Letzeburger de Krich heihém gefo'ert? Am Numm vum Bro't? Nén, nömme grad am Numm vun der Gerechtegkét a Freihét. So'vill Bro't hu mir ömmer, datt ké letzeburger Kand erhengere muss. Awer so'vill Gerechtegkét hu mer nach net, datt ké letzeburger Kand me' engem vun dénen Drecksäck bege'nt, dén irgendwe' mattschölleg ass um Do'd vu sengem Papp. Gewöss, alles muss bewise gin, so' we' den Här Procureur et gesot huet.

An dach ass en Oennerschéd töschent der perse'nlecher Gerechtegkét an der Staatsgerechtegkét. **D'Kand kann aus humanen oder religie'se Grönn verzeien. De Staat net.** — Onse Staat muss als vollkomme Gesellschaft hei op der Welt d'Liéwen vun haut a vu mur garante'eren an zwar e propert Liéwen. **Wat faul ass, muss ausgesto'ss gin**

**E Staatsmann därf net op de Kont vun der Gerechtegkét sech Wiéler secheren.** Lôsst nach eng Zeit eriwer goen, da könnt d'Villa Pauly un d'Schwätzen an da gi vill Leit d'Aen op. Deser Dég hun ech gehe'ert, we' e Mann zu enger Mamm gesot, dèr hire Jong am Kz. ass: „Wann Ere J... erem könnt, da schle't en de' Hären an d'Käpp, datt d'Fatzen ewechfuren. **Wann s'all erem kommen, da sti mer zu Dausenden hannert hinnen a schloen mattdran. A matt Recht. — Do sin Hären, de' mâchen de Spott matt onse Mammen, matt onse Jongen, matt onse Kanner, matt onser E'er, matt onsem Land.** — Wann d'Majorite't vun de Letzeburger sech och nömmen dat zu Scholden hätt komme lôssen, wat de' preisesch ugehaucht Letzeburger sech gelêscht hun, da ge'f et nom Krich ké Letzeburg me'. Vergi'sst dat net, dir Hären. All Er Arbecht zu London an zu Washington wär emsoss gewiéscht.

Wann d'Majorite't vun de Letzeburger sech beholl hätt, we' de', de' am Prisong sötzen, dann hätten London a Washington Iech op d'Schöff gescheckt a matt Recht. Vergiésst dat net. Durfir mâcht propper Arbecht em Iech, mâcht d'Aen op.

„Le vrai Luxembourgeois a plus besoin de justice que de pain."

## Verrot um Land - E Manifest

Wién onschölleg ass, dé soll den e'schte Sté werfen:

Do ke'men da wuel de' a Fro, de' net an der VDB woren? An e'schter Linn dann de' Hären, de' an Amerika oder zo' London, a Frankreich, an der Schweiz oder soss anzwo', weit vum Schoss so'tzen, an natirlech net an der VDB woren? Neischt fir ongudd, dir Hären, mé doranner durf dir iwerhâpt net mattschwätzen. — Dir wösst net, wat hei lass wor an et stét iech net zo' als Rîchter iwert de' opzetriéden, de' durch Schmod a Léd hu misse goen, vun dénen dir keng Anong hat a vleicht nach net hut. Dir durft Rechenschaft froen iwer dat, wat mir an déne ve'er Jor, wo' dir fort wort, gemâch hun, matt démselwechte Recht, matt dém mir och zur richteger Zeit iech Rechenschaft froen iwer dat, wat dir doiwer gelêscht hut. Mé dat gehe'ert an en anert Kapitel. Richter kann nömmen dé sin, dén de Fall gené kennt, matt alle Motiven, Hannergrönn am Ömstänn. Lôsst dofir le'wer de Sté leien.

Da wären et also wuel de', de' hei woren, an de' ower net an d'VDB gânge sin? Gewöss, déne könnt én dat Recht schon e'schter zo'erkennen. Op den e'schte Bleck geng é bal mengen, si hätten en abselut Recht drop, dénen aneren dé be'se Schrött virzewerfen. Ent ass secher, önner déne sin der, de' d'Recht hun, Richter ze spillen an der Sâch an de' ze condanne'eren, de' an d'VDB gânge sind oder se freizespriéchen. Mé nach lâng net all. — A grad de', déne mer d'Recht zo'spriéche können ze juge'eren sin net so' abselut an eso' scharf an hirem Urtél. Aus dem einfache Grond, well si d'Verhältnesser kennen a well si um égene Leif erfur hun wat et gehéscht huet, sech dem Zwank ze entze'en — a wat et kascht huet. Net nömmen u Geld a Verme'gen.

Fir gerecht juge'eren ze können muss én d'Ömstänn kucken, durch de' de Beitrött zur VDB vun de Preisen erécht go'f. Den e'schte Schrött wor de' bekannt a berüchtegt Proklamatio'n, wo' eng Parti Leit op prominente Plazen matt hirer Önnerschröft öffentlech sech zo' Deitschland bekannt hun an d'Land opgefurdert hun, matt hinnen ze goen.

Fir hir Entlâschtong gött gesot, si hätten dat önnert Zwank gemâch. Et wär hinne matt Déportatio'n a. e. w. gedrét gin. Mir huele gèren un, datt dat richteg ass. Et entsprécht abselut de preisesche Methoden a mir gléwen och gèr, datt de' méscht vun déne Leit dé Schrött net gemâch hätten, wann net e gewössen Zwank oder dach we'negstens e stârken Drock op hinne geléen hätt.

Et ass och richteg datt d'Situatio'n am ganzen net geégent wor fir engem Courage ze mâchen. Belgien an Holland woren iwerrannt, Frankreich lo'g um Buedem, England a Gefor, Amerika net am Krich an net virberét, Russland durch e Pakt matt Deitschland gebonnen. Nömmen e Glâw un d'Recht, dé neischt ömsto'sse kann, konnt fir ons nach e glecklecht Enn vum Krich erhoffe lôssen; nömmen d'Iwerzégong, datt én önnert dem Naziregim net liéwe könnt an datt é le'wer do'd wär ass ewe' Preiss konnt engem de Courage gin, seng ganz Zo'konft an de' vu senger Familjen le'wer op d'Spill ze setzen ass ewe' dem Preiss nozeschwätzen. Nömmen dén, dé selwer sech a schwe'erste Stonnen zo' dém Entschloss durchgerongen huet, ka wössen, wat dozo' erfurdert ass. Et ass lîcht nodre'glech, we' alles gudd eriwer ass, ze soen: Et huet é missen de Glâw behalen, et wor é sengem Land dat schölleg an all dèr sche'ner Wirder nach. — Démols ower wor et schwârz em ons. A wann én och de Mutt hât, sei Liéwen op d'Spill ze setzen, o'ni ze wössen, op et och eppes ge'f notzen, dann hat e Familjepapp ower nach fir Fra a Kand ze surgen. An de' Verantwortong huet gedreckt.

Dovu wo'sst dir Hären, de' dir zo' London oder soss anzwo' so'tzt, neischt. Dir wort dobaussen an dir hätt iech en neit Liéwen können erschaffen an opbauen. Mir ower woren am Naziprisong. En „nén" wor de Misär fir ons an ons Familjen, fir démols a fir ömmer, wann de Preiss de Krich gewonn hätt. An e wor iwerzégt, datt en e scho gewonnen hât.

A vun déne Nuechten o'ni Schlof wossten och de' bei ons neischt de' d'Chance haten, sech net entschéden ze missen. D'Verantwortong dem Land ge'ntiwer, gewöss, si weit schwe'er. Mé doge'nt sto'ng d'Verantwortong iwert d'Bro't fir d'Kanner, a vleicht fir hirt ganzt spe'dert Liéwen. Mir, de' mir démols bewosst alles gewot hun, well mir dem Preiss sei Spill net konnte mattmâchen, mir hun en he'ge Preis dofir misse bezuelen; ma mir wössen och, we' schwe'er et wor, an dém Moment dem Preiss en „nén" entge'ntzesetzen.

(Get fortgesat op der 4. Seit.)

## Wirtschaftlech Sekurite't

Ons wirtschaftlech Lag ass durch eng fönnefjäreg Okkupatio'n schwe'er geschiédegt gin. An dat wirkt sech net nömmen an der e'schter Zeit mä och spe'der, wann d'Wirtschaftsliewen erem a normal Bunne lafe soll, nach ganz deitlech aus. We' ass d'Situatio'n elo? Nach ömmer préoccupe'ert d'Fro vum Ravitaillement ons am mêschten. Durno froe mer ons, we' mir et fèrdeg brengen, onst Geld an der Rîcht ze halen, so' lâng ewe' onst Wirtschaftsliewen nach zo' gudd 60 bis 70 Prozent nidderleit.

Wat de Ravitaillement ubelângt, wösse mer jo, datt neischt önnerlôss get, ons matt all dénen Artikelen an engem genügende Môss ze versurgen, de' fir den Alldag onbedengt ne'deg sin.

Beim Bro't brauche mer net ze färten, datt et ons ausgét, well mer bis den 1. März 1945 genügend Miélreserven hun. Durno importe'ere mer es aus onse Bestänn, de' d'Regirong a Kanada opkâft huet. Wa mer am März Fuddermöttelen importe'ere können, si mer och matt Flésch ömmer genügend versurgt. Glecklecherweis haten d'Preise jo matt onse Ve'bestänn op Virsurg gewirtschaft an d'Zeit net me' fond, all de' Reserven an Deitschland ofzetransporte'eren. D'Möllech ass en Artikel dé, wat d'Consommatio'n ubelângt, ganz enk un d'Transportme'glechkéte gebonnen ass. Ons Kanner können all Dag 1/4 Liter drenken, a wa matt dem Möllechve' aus den evakue'erte Gebidder op eng ustänneg Art a Weis verfur get, könne mer domatt rechnen, datt och d'Botterproduktio'n, de' ons nach absolut net befridegt, sech erhe'cht. Fir u jidder Letzeburger eng möttelme'sseg Fettratio'n ze verdélen, misste mir all Mon't 200 bis 250 to Fett importe'eren. Et ass ons an Aussîcht gestallt, datt mer, wann den Hafe vun Antwerpen erem op ass, 150 Tonnen de Mo'nt importe'ere können. Grompere félen ons net; ons Pourparléen matt Belgien iwer den Zockerimport si bis elo gudd verlaf.

Belgien liwert ons och d'Sémereien a 50 bis 60 Prozent vun dem ne'dege chemeschen Dünger fir ons Landwirtschaft. Well d'Operatio'nen am Elsass eso' gudd verlafen, ass et och me'glech, datt mir net ze lâng me' op Kali-Transporten aus Frankreich warde mussen. Belgien ass och an der Lag, landwirtschaftlech Maschinen ze liweren. Wat de' industriell Produkten we' Tubak, Séf an Haushaltsge'gestänn ubelângt, könne mer och bero'egt sin. E bössche me' kriddeleg ass de' Fro vun der Schongfabrikatio'n. Liéder hu mer fir de ganze Wanter, mé ons ganz Schongindustrie kann nömmen 1/5 vun onsem letzeburger Bedarf u Schong decken. Och wat d'Stöfter ubelângt, si mer net zevill gudd gestallt, wann och ons égen Industrien scho seit Wochen hirt bescht mâchen. Den Demuth vun Esch am Lach hât seng Produktio'n iwerhâpt net agestallt, an d'Fabrik an der Fiéls léft och erem seit e pur Wochen op vollen Touren. T'bestét och d'Me'glechkét, Gâr a Stöfter aus Belgien eranzefe'eren.

Eng wichteg Fro ass de', we' mir bei der Preisdifferenz, de' töscht déne verschiddene Länner bestét, ons Importer oriente'ere können. An do sti mir virun der Schwieregkét, de' sech aus onser jetzeger Geldsituatio'n ergin huet. Wa mir dem Enzelnen frei Hand ge'we lôssen, ge'f bei dem gro'sse Geldiwerfloss, dén trotz déne gespârte Konten an déne bloque'erte Gelder bestét, zo' alle Preisser Wur importe'ert gin an zu Letzeburg op de Marché bruecht. Mir hun ower eng bestömmt Lo'npolitik ageschlo'en, de' ons net me' erlabt, de Preisser frei Laf ze lôssen. Am Intresse vun der sozialer Stabilite't a vun der Finanzpolitik. Wa mir am Land ze vill he'ch Preisser zo'lôssen, misst eng entspriéchend Lo'nhausse d'Folleg dovu sin, wat d'Wirtschaft nach me' matt Geld iwerschwämme ge'f, an ons önner normale Verhältnesser vun den auslännesche Märt ofschle'sse ge'ng. Durfir si mir elo entschloss, am Intresse vun der wirtschaftlecher Sekurite't am Land, d'Importer scharf ze drosselen a nömmen dann zo'zelôssen, wann si onentbîrlech sin, a me' oder we'neger durch en Austauschgeschäft finanze'ert gin.

An engem gewösse Sönn siche mer Wur ge'nt Wur auszetauschen, fir me'glechst we'neg Geld an der Operatio'n ze engage'eren. Matt Virle'ft musse mir an de' Länner kafe goen, de' kén zevil en he'ge Preisstandard hun a wo' de marché noir net d'Regel ass. Könnte mir z. B. Artikelen aus der Schweiz importe'eren, da ge'ng dat sech ganz virdélhaft op de' inlännesch Wirtschaft auswîrken, well an der Schweiz d'Preisser net zevill he'ch (töscht 40 a 50 %) gestige sin), am Oennerschéd zo' anere Länner. Awer och matt Belgien le'sst sech eng Le'song fannen. Net jidderén därf dur kafe goen. Kann én ower eppes Wichteges aus Belgien importe'eren, da kritt hién iwer den Opdrag vum Staat eng „licence d'achat" a Belgien a ka seng Wur afe'eren zo' engem Preis, dén nömmen 60 Prozent me' he'ch leit we' dé vum 10. Mé 1940.

D'Haptaufgab vun ons wirtschaftleche Mesuren bestét doran, de' reichlech Geldreserven nömmen no an no an d'Wirtschaftsliewen eran ze lôssen, matt der Kadenz we' ons Produktio'n op déne verschiddene Gebidder erem a Gank könnt, an den Aussenhandel matt onse Noper sech erem intensive'ert. Natirlech ass dat eng schwiereg Aufgab, well d'Geldzirkulatio'n dem wirtschaftlechen Ulaf ni als Stén am Wé leien därf, ma ower indirekt matt derzo' beidroe soll. Wichteg ass et, wann an Zo'konft all de' Leit genügend Geld an der Hand hun, de' et fir ons Nationalwirtschaft am beschten ulée können. Dat setzt viraus, datt de Staat an och de' Privat de' wirtschaftlech Me'glechkéten, de' sech vu bannen a vu baussen bidden, ömmer virewech erkennen an si net durch eng zögernd Finanzpolitik ongenotzt u sech eriwergoe lôssen.

Servus.

## De neien Unterrichtsminister

Am ganze Land go'f d'Mattdélong iwer d'Ernennong vum Här Prof. Frieden zum Unterrichtsminister matt gre'sster Zefriddenhét opgehol. D'Unio'n frét des Le'song ganz speziell, well den Här Frieden aus hire Reien ervirgét, well et de Minister vun der Unio'n ass, dén hire Géscht kennt a verstét.

Et ass ganz wichteg datt an deser Zeit grad un d'Spötzt vum Unterrichtswiésen en neie Mann gestallt get, é Mann we' é fir dé Posten ké besseren hätt fanne können. Mir wössen all datt e de Jonktem ass, dén d'Zokonft vum Land bedeit, an datt dese Jonktem no 4 Jor Naziregim nés an de' richteg Bunne geléd muss gin.

Et ass keng lîcht Aufgab, de' den Här Minister Frieden ze méschteren huet. Wat d'Preisen am Unterricht an an der Erze'ong bei onsem Jonktem vernole'ssegt a verduerwen hun, dat ass net ze beschreiwen. Fir dat alles nés nozehuelen, dat ass eng schwe'er a verantwortungsvoll Arbecht, de' vill Energie verlangt, e klore Kapp, an e gro'sst Verstoe vun der se'lescher No't vum Jonktem.

Et stellt sech dann nach eng gro'ss Fro, un de' de Letzeburger nach nie eso' richteg wollt drugon: D'Fro vun der Sprôch. — No desem Krich ass de' Sach eso' akut gin, datt se net me' därf vernole'ssegt gin.

De' 4 Jor Krich hu färdeg bruecht wat fre'er ké färdeg brenge konnt, si hun de Jonktem vum Land gele'ert seng Sprôch kennen a gär hun.

De letzeburger Jonktem verlangt haut eng ganz aner Positio'n fir d'Letzeburger Sprôch, a matt Recht.

Natirlech bidden sech nach eng ganz Rei vu Schwieregkéten ir de' Fro definitiv ka geregelt gin.

Mir erlaben ons dofir dem Här Unterrichtsminister nogeléen, datt endlech eng enhétlech Schreiwweis vum Letzeburgeschen festgeluegt get, an zwar me'glechst se'er, well dat ass elo ons gre'sst Suerg.

Mir sin iwerzégt datt den Här Minister Frieden de Mann ass fir matt alle Schwieregkéten ferdeg ze gin a mir wönschen him all Gudds matt op de Wé am Dengscht vun onsem Jonktem a vum Land.

D'Unio'n.

## De' richteg Leit op de' richteg Plaz

E Samschdeg sto'ng an der Zeidong, den Här Professer P. Frieden, bis elo Direkter vun der Nationalbiliote'k, ass an d'Regirong beruff gin. Hién huet d'Lédong vum Unterrichtsministerium uvertraut krit.

Fir wat go'f den Här Professer P Frieden dozo' beruff? Mé well den Här Frieden eppes dovu verstét.

Fir wat ass net dat selwecht am Ministär vun den Travaux Publics geschitt?

Den Här Justizminister huet och d'Ministär vun den Travaux Publics, an en aneren Affekot huet d'Lédong dervun.

Ech gléwen, datt grad elo, wo' d'Regelong vun der Bauwirtschaft vun eso' enger gro'sser Wichtegkét ass, et ubruecht wär, d'Regirong an dèr Hinsicht och ze erweideren. Et gét dach net, datt en Affekot dese Poste beklét, we' et ewell ass. Do misst é Mann vum Fach beruff gin, dén eppes verstét, z. B. en dipl. Bauingenieur oder en dipl. Architekt, also é vun dénen, de' wössen wat e Baupolizeireglement ass, an de' eppes vu Bauwirtschaft selwer verstin.

Well d'Fro vum Wiederaufbau so' akut ass, muss schnell gehandelt gin. Et si schons gleich drei Me'nt passe'ert, datt onst Land befreit ass, a bis haut gesi mer an deser Fro nach ké Fortschrött.

Dofir de richtege Mann op de' richteg Plaz!

J. F.

# Nationalerze'onk

5. Kapitel (2. Fortsetzonk)

De Pazifissem greift de Patriotissem matt Onrecht un am Num vun der Wössenschaft, well d'Natio'n net e fiktift Wiésen ass, mä eng Wirklechkét, e ganz no'twendege Bestanddél, grad ewe' d'Familjen an den Enzelnen, fir d'Harmoni vun der Welt z'erhalen.

An d'Mönschegeschlecht muss Ofwiésselong bruecht gin, fir datt et intellektuell a besonnesch kommerziell op der He'cht bleiwe soll.

D'Biologi le'ert ons, datt d'Entweckelong vun engem organise'erte Wiésen a seng Plaz an der Liéwenshirarchi vun der Verschiddenhét a Villhét vu sengen Fonktio'nen ofhängeg ass a vun der Differentie'erong vun den Organen de' derzo' beidroen.

De Gide sét a senger Ofhandlong iwer d'politesch Ökonomi, datt et grad eso' matt engem Vollek ass. Wann et sech zo' engem intensive, reiche Liéwen erhiéwe wöllt, da muss et sech beme'en, bei sech all Formen vu sozialer Wirksamkét an all Energien ze verduebelen.

Wat ower fir é Vollek wo'er ass, ass et och fir s'all, dat héscht fir d'ganz Mönschhét. Wann d'Grenzen vun de Länner och ofgeschâft ge'wen, da ke'men de' méscht Geschäftsleit s'erem hirstellen. Dat huet é jo gesin, we' d'Idealisten de freien Austausch agefe'ert hâten, a we' kurz derno ower d'Schutzzollsistém erem agefe'ert gin ass.

Den internationalen Handel ge'f, wann e sech selwer iwerlôss ble'f, d'Industri vun engem Land ruine'eren, seng produktif Kräften aschränken an erstecken, eso'gur seng Existenz op d'Spill setzen.

Primum vivere, deinde pilosophari, sét e Sprechwuert, an dofir woren nach ömmer a bleiwen och Grenzen an: Hémechten.

Nom Gide könnt é nach verstoen, datt en iwerzégten Darwinianer énzel Wiésen dem Entressi vum Art affere ge'f, mä et könnt én dach net verlângen, datt e ganzt Vollek fir de Gesamtentressi vun der Mönschhét bludde soll.

De Pazifissem ass démno vum praktesche Standponkt aus eng ganz onglecklech Téori an dofir huet en och bei den Ökonomisten eso' we'neg Frönn font.

D'Mönschhét ass a bleift, net e Gemösch, mä e Verband vu verschidden Elementen. Jidferént behält seng Egenart. „L'homme est fait pour sentir en Lorrain, Français, etc." (Barrés, Nat. p. 502); si huelen iwerall eng an engem gewösse Sönn virausbestömmt Plaz an, o'ni sech ze vermöschen an ze verwiésselen, well aus der Möschonk nömmen verbâschtert Elementer entstin. „Il nous faut réagir contre les étrangers qui nous envahissent et qui déforment notre raison naturelle. (M. Barrés).

D'Erze'onk vun onse Kanner muss vun déne Prinzipien durchdronge sin.

Et ass net erlabt, datt an déne jonke Se'len der Le'ft zur Hémecht, de' e klort, bestömmt a männlecht Gefill ass, e ganz onbestömmte Kult fir d'Mönschhét ge'ntiwer gestalt get, dén se net befriddege kann.

D'patriotescht Gefill muss me' entweckelt a me' stârk gemâch gin.

Et wär e gro'sse Féler, wann et net gesche'ch, well et ass e Verbriéchen fir de Patriotissem erofzemachen an d'Idi vun der Hémecht unzegreifen. Wién dat mecht, hölleft dat stârkt Gerescht zerste'eren on'i datt de Kirper vun de Natio'nen keng Kraft behält fir d'Schle' ofzewiren an armse'leg beim e'schte Sto'ss önnerleie muss.

Am bèschten entweckelt a mecht én de Patriotissem an der Scho'l dodurch stârk, datt é seng Berechtegonk kloer ze mâche sicht.

Huet de Scho'lméschter et errécht, dem Kand begreiflech ze mâchen, datt et u senge Mattbirger vun haut a göschter eng E'reschold ofzedroen huet, a kennt d'Kand d'Geschicht vu senge Virelteren a sein Irfdél un der Gre'sst vun der Hémecht, da gét him neischt iwer seng Hémecht, de' si geschaf a verdédegt hun oft nömmen dodurch datt si hirt Liéwen derfir an d'Schanz geschlon hun; da wöllt et net hannert hinnen zreckston an och we' si d'Hémecht he'chhalen a verdédegen.

De Scho'lméschter huet ower och drop uecht ze gin datt de Patriotissem, dén hien de Kanner an der Scho'l beibrengt ömmer verstänneg bleiwt.

Hien därf kén Hâss priédegen mä soll d'Kanner zu nationaler Energi erze'en an hinnen net eso' vill vu Kricher erziélen we' vum fridleche Riwalise'eren um Gebit vun der Wössenschaft, vun der Konscht, vum Handel a vun der Industri.

Hei ass jidfer e'erlecht Striéwen erlabt well et dem Fortschrött dengt. „Aufgabe der Erziehung wäre also die Jugend einerseits mit einem kräftigen und klaren Nationalitätsbewusstsein zu erfüllen, anderseits zugleich die Freiheit des Geistes in der Schätzung des Fremden zu wahren, mit der Liebe und Treue gegen das eigene Volkstum Achtung und Gerechtigkeitsgefühl auch für die fremde Nationalität zu entwickeln." (Paulsen, P. p. 201).

Op der aner Seit muss de Scho'lméschter d'Kanner ower och opklären iwer de' falsch Téorien vun dénen de' keng Hémecht wöllen hun, vun de Kosmopoliten, Internationalisten an eso' virun.

Si gin de nationalen Entressi hir fir e fiktiwen, generellen, dén ower nömmen en abstrakte Begröff ass. Wa mer och unhuelen, datt eso' en Ideal emol Wirklechkét ge'f, da misst en nom Gide dach d'Dégradatio'n vun alle Völker an dofir och vun der Mönschhét no sech ze'en, de', ofgesin vun de Natio'nen, de' se forme'eren, keng Existenz huet.

Ir mer drun denken d'Idi vun der Hémecht an dèr vun der Mönschhét op, goen ze lossen, wär et gudd nozesichen, op wirklech d'Mönschhét eng aner Existenz huet we' de' vun engem renge Begröff, dém — nom Duruy — eleng d'Dichter an d'Riédner de falsche Schein vun enger Wirklechkét konnte gin.

De' wirklech Mönschhét ower, an dèr d'Hémechten verschwanne ge'wen, we' d'Flöss am Ozean, existe'ert nach net, we' den E. Lavisse, é vun onsé gre'sste Männer sét; si soll we' d'Filosofen sech ausdrecken, ere'scht kommen.

Mir mussen ons also dermatt zefridde gin, fir se fir d'e'scht an ons selwer ze schafen, an net schon drun denken de' fest a stark Idi vun der Hémecht an dèr fir elo a fir Jorhonnerten nach onbestömmter vun der Mönschhét opzele'sen.

Wann op der enger Seit de Chauvinissem richteg Katastrofen an d'Welt brengt, da get et ower op der aner Seit och durch de Pazifissem em jidfer Preis nömmen d'Feighét gro'ssgezillt an d'Nationalgefill ersteckt.

Wann én engem Vollek ömmer virhält, datt de Krich dat gre'ssten Iwel ass, da mecht en et jo eso' feig, datt et net emol me' d'Idi vun engem Krich verdroe kann, dé gerecht a ne'deg wär.

Dat ass de gro'sse Féler vum Pazifissem.

Iwregens get et nach en Iwel wat vill me' gro'ss ass we' de Krich. Honnertmol besser ass et jo ze krichen, an eso'gur ze önnerleien, we' seng E'er an Onofhängegkét ze verle'eren.

Jidfer Vollek wat net vun der Idi durchseiert ass, gét önner well et d'Recht um Liéwen verluer huet.

D'Regel, no dèr d'Scho'l an dém Ponkt fure soll ass klor an deitlech festgeluegt an enger Ried, de' de Präsident Roosevelt um amerikanesche Kongress gehalen huet: „Pacifique, il faut l'être, mais pas pacifiste: pas la paix à tout prix."

Dax stét de Patriotissem der Le'ft zur Familjen ge'ntiwer grad eso' gudd we' der Le'ft zur Mönschhét.

Eso'gur kann et virkommen, datt d'Le'ft zur Hémecht ons zo' Déien dreiwt, de' ge'nt de' zwé Gefiller versto'ssen.

An dach sin de' drei Le'ften vun enger Natur. „L'amour de la patrie est une extension de l'amour de la famille et l'amour de l'humanité est une extension de la patrie." (J. Simon, p. 182). Fir ons vun der Wo'recht z'iwerzégen, musse mer d'Beweisgrönn önnersichen vun dénen, de' ge'nt d'Hémechsle'ft sin.

(Get fortgesat)

* * *

**Berichtegong:**

An önser leschter Nummer huet den Drockfélerdeiwel ons e Strêch gespillt an dem Artikel „Nationalerze'onk".

Et soll héschen:

Nationalstolz a patriotescht Gefill enk verbonnen, ergin den amerikanesche Patriotissem, dén zo' allen Affere (net Affäre) berét ass.

D'Redaktio'n.

# Zo'schröft vun engem Déserteur

An dem Moment, wo' erem jidder Mönsch frei ka schwätzen, wöll ech als Déserteur a Member vun der Resistenz och e pur Wirder soen. An dém Ableck, wo' mir an de' verhâsst preisesch Uniform gestach si gin, sto'ng et bei mir ewe' bei eso' ville vu menge Komerode fest, bei der e'schter Gelénhét ze déserte'ren. Ech hun dat och gemâch. Ech hat d'Gleck net we' eso' vill aner, zu London oder irgendwo' aneschter op enger drechener Plaz ze sin. Ons letzeburger Böscher wore mein Dohém, an d'Heiser vu gudde Kollegen. 16 Me'nt lâng wor ech e letzeburger Partisan. An dèr Zeit ass engem letzeburger Preiss d'Ongleck passe'ert, mir virun de Revolver ze kommen. Letzeburger Gendarmen an der deitscher Uniform, de' der Gro'ssherzogin den Ed gebrach haten an elo erem eso' ho'freg do matt der letzeburger Uniform parade'eren, woren démols de' eifregst bei menger Verfolgong. Engem armen, ower gudde letzeburger Bauer hun ech et ze verdanken, datt ech haut nach liewen. Ewell de' letzeburger Verre'der hätten sech eng E'er draus gemâch, mech dem Nazigericht z'iwerfe'eren. Ech hu bei mengem Partisanenliewen meng Gesondhét agebe'sst a lo'g Me'nt lâng bei engem gudde Patriot um Krankeléer. Meng bescht Frönn, de' villen Déserteuren viru gehollef haten, hun ech gesin ons Hémecht verlôssen an a Schlesien geschléft gin. Ech hu mech den 10. September bei der Liberatio'n an d'Reien vun der Unio'n gestallt an Dag a Nuecht ons Böscher durchstrieft, ewe' ech dat eso dacks hémlech gemâch hun. Elo ass de' gre'sst Gefor eriwer an do muss ech op Schrött an Trött feststellenn, dass de', de' mir ömmer hu musse färten, ons erem iwerall bege'nen an ons soen, mir sollen ons kleng halen, well mer ge'nt d'Gesetz ge'ngen. Mir musse feststellen, datt grad de' Hären och de' preisesch Gesetzer ömmer eso' streng durchgefo'ert hun an et ass ons léd, datt ons Kugelen an onser Déserteurzeit si net getraff hun, da wir et net eso' weit komm, datt si no der preisescher Uniform de' vun onser Gro'ssherzogin erem ugezun hun. Mir können no déne Wirder, we' mir se eso' dacks hémlech vu London he'eren hun: „Letzeburg gehe'ert der Jugend" a. e. w. nömme feststellen, datt, nodém wat mer haut gesin, et dénen zum gre'ssten Dél gehe'ert ‚de' eso' stolz d'VdB.-Ofzéchen gedroen hun. We' et schengt, ass den Här heibei net schölleg, nömmen de Max. Dé kann durch d'Stad goen a Prisongskléder de Leit d'Kap ofdoen. De' tatsächlech Schölleg, villfach de' Hären Intellectuel an eso' weider lâchen sech an d'Fauscht an droen am selwechte Knäpplach, wo' d'VdB.-Spengel wor, de Ro'de Le'w. Eso' lâng, we' de' net zur Rechenschâft gezu sin an d'Farwen vun onsem Land droen, betruechten ech, wo' ech nimols e VdB.-Member wor an en Ofzéchen gedron hun, et als eng One'er, de' selwecht Farwen ze droen ewe' de', de' ons gehollef hu verkafen. Mir Déserteuren stin nach gené o'ni Existenz do ewe' de' lâng Zeit, wo' mir ons an de Böscher eremgedriwen hun an all de', wo' bei de Preisen de' deckst Gehälter agezun hun, ze'en se och elo erem bei de Letzeburger an. Si tyrannise'eren onst Vollek elo erem grad ewe' bei de Preisen. Nodém mir eso' lâng ons der Oeffentlechkét entzun hun, ge'ng et nach félen, datt mir och nach eng gudd Zeit am Prisong erömbrengen.

K. R.

# Et hêscht keng Ko' Blimchen' wann se keng Strimchen.

Novell vum W. D.

(Nodrock verbueden)

## III.

Eso' war de Gierch der Ménong, d'Mamm wär ganz matt him d'Akkor an e sét: „Dat ass dach kén eso' e gro'sse Féler, wo'riwer bei de Leit eso' vill geschwat get?"

„Wann et dir gefällt, mei Jong? Du muss jo matt him liéwen an dir musst jo zesummen èrt Hém bauen, a we' der èrt Bett mâcht, eso' leit der dran."

„Ma ob si da wirklech neischt auszesetzen? — frét de Gierch, soss war dir dach net gudd op de Brameschhaff ze spriéchen?"

„Ja, mei le'we Jong. Auszesetze wär genoch, ma wuefir am Dreck re'eren wat scho völleg ömsoss geschit, a wat ech do auszesetzen hun, dat wéss de jo. Mir hun ower ons Kanner gezillt, net fir onst Wuelergoen ze profite'eren oder datt se all hirt Liéwen op onse Kommando solle gon. Nén, mir hun se erzugen datt se le'eren dat selwer ze dron wat si mâchen. Dann eleng ass hirt Gleck jo hirt égent a si eleng dron de Verdengscht a brauche kengem „merci" ze son dofir, an ömgedre't könen se hiren Elteren ké Virwuerf mâchen."

De Gierch lauschtert emol a kuckt op. Wann hién zreckdenkt, da fönnt hién dat wo'er wat d'Mamm do sét. Vu jonktem un go'wen si gewinnt selwer ze denken an zo'zegreifen. E Géscht vu Vertrauen huet d'Kanner an d'Elteren önnerené verbonnen an ömgin, eso' datt d'Kannerhèrzer virun hinne lo'gen ewe' en offend Buch. A wat si sét könnt hir vun Hèrzen.

Eso' ste'ng jo elo sengem Gleck neischt me' an der Wé a neischt huet hié me' gehönnert, um Bo'nenhaff sein Hém ze bauen a mam Ro'seli sei Stod opzerîchten, o'ni datt seng Elteren eppes derge'nt hätten.

„Wié sech sein Hém selwer zammert, dém get et am spe'dere Liéwen e Spigel wo' hién sech dran eröm erkennt", bekräftegt seng Mamm nach eng Ke'er wat si scho gesot.

Da leit et jo elo eleng un hinne fir glecklech ze gin a wann et un hinnen zwé leit, da wöllen si den Elteren emol e Gleck weisen wat si sech gezammert. E récht der Mamm seng Hand a sét hir merci fir hire gudden, oprichtege Wöllen: „Mir wèrten den Elteren ower och e'weg dankbar dofir sin."

D'Mamm hiéwt sech lues ewe' wann dat Gespre'ch se midd gemâch, wönscht him vill Gleck an eng gudd Nuecht a gét schlofen.

De Gierch bleiwt nach eng Weilche sötzen. D'Wiéder hat sech glecklech verzugen an d'Lucht eröm ewe' geschauert, dobei schengt de Mo'nd eso' fridlech vum Himmel an am Gehecks um Rand vum Bösch schle't eng Nuechtigeilchen. De Gierch denkt an denkt sech a sei Gleck eran wat hié sech mam Ro'seli wöllt oprîchten a gere't an e Feier, datt hié vun der Bänk opsprengt an nach den Tour öm d'Haus durch d'Feld mecht, bis dat Feier sech eröm lues a lues geluegt a gét sech dann och op en O'er lén.

Eng Zeitchen durno huet de Gierch an d'Ro'seli Handstréch gehalen.

Owens könnt de Jonktem aus der Ömge'gend vum Brameschhaff fir hinnen, we' et am Duerf Brauchtem ass, ze sche'ssen.

Et go'we Riéde gehalen a gesongen, dobei go'f matt dénen ale raschtegen Pisto'lengen, de' vun uewen erof matt Polfer a Pobeierstöpp geluede go'fen, gekrâcht datt d'Fatzen ewechgefuer sin. Da get hinnen de Wein geréchi well et Brauchtem ass, datt d'Braut hirt Glas muss fale lôssen datt et a Schirbele gét, wat wöllt soen, datt se matt der Lassliédegkét gebrach an dem Mann ze follegen huet.

D'Ro'seli schmunzt schalleksech we' et d'Glas fale le'sst a pöspert dem Gierch a d'O'er: „Dat soll ons de freie Wöllen dach net huelen datt mer engem Filax gleichen a fir all Kuscht dem Her d'Hand misste lecken."

Wo'rop de Gierch him verle'ft an d'Ae kuckt a mengt: „Ale Brauchtem, dén eigentlech nömmen dé Wèrt, datt de Jonktem eng Ursâch huet fir Fester ze feieren a mam Bezuelen ass én domatt alt der Schold enthuewen."

D'Ro'seli lâcht iwer d'ganzt Gesicht vu Glecksе'legkét datt sei Gierch och neischt op eso' Verspriéchen hält an datt hién him versichert, datt si matt Bezuele lass sin. Eso' ass hié jo och vum e'schte Moment un matt d'Akkor, datt hatt net wöllens ass den dreizengten Apostel am Hausstod ze spillen. Et rechent him dat he'ch un datt en sech neischt eso' an de Kapp setzt an et bekuckt en a senger Gleckse'legkét datt den Hèregéscht vum Bo'nenhaf him geschmolt ewe' de Botter an der Sonn an d'Hèrz virum Ro'seli eng Koplibunz geschlon. D'Ro'seli hat iwerhapt an déne Momenter wo' et gegöllt, eppes fir seng Positio'n ze erréchen, e Gescheck dém neischt konnt widerston, ewell dann huet et én eso' verle'ft matt déne schmusege Guckelcher bekuckt datt d'Hèrz Bé krut a fortgelaf ass, fir sech virun et ze kne'en.

Eso' lues ewe' d'Ro'seli dem Gierch an d'O'er gepöspert an hién him eröm geäntwert huet, de Papp vum Bo'nenhaff hat et opgefângen an e sét zur Mamm, de' niéwend him stét: „Wat hat ech der gesot? Dém Landfridd ass net ze trauen ewell et könnt grad we' ech mir et erwârd. De Gierch ass dir zevill nogeschlon a mengt nömmen am Nogin sei Gleck a sein Hém opzerîchten. Dat a seng Mamm wärten hié geschwönn vergâchelt hun."

D'Mamm ste'sst de Papp an d'Seit, ewe' hire Gebrauch, wann de Papp de Mond ze weit opgerass: „Lôss d'Kanner dach gewärden. Dat ass elo net eso' éscht ze huelen ewe' dat bei eso' Geléenhéte gesot, an et muss én och emol wann et göllt durch d'Fangere kucken bei eso' Ablécker. Du wéss jo datt d'Rad och bei ons seng Zeitche gebraucht huet bis et zergutzt am Rulle wor."

De Papp röselt ongedölleg de Kapp well dat him neischt Guddes sét: „Wo' eng Riéf eso' gudd ewe' e Framönsch ké Stéck hun wo'un si sech vum Erdbuedem können erhiéwen erop an d'Sonn, do verkommen se am Schiéd, well si de' Sonn ne'deg hun fir d'Ble'en an d'Frichten."

(Get fortgesat)

**POMA**

dât ass puren Äppelsâft
klor filtre'ert

Dest Jor kont es net vill hirgestallt gin, dofir versuergt e fir d'Kanner a krank Leit

**R. Munhowen & Cie** Letzeburg

**„TERRA"**

Anonym Versecherongs-Gesellschaft

Ons Büroen befannen sech ewe' virdrun un onsem alen Gesellschaftssötz an onsem Gebei **LETZEBURG, Boulevard Grande-Duchesse Charlotte Nr. 11** (Bld. Extérieur)- Telef. 30-60 an 33-81.

Zanter me' we' 35 Jor sin ech bekannt
an iwerall de „Schmatt's Hary"
genannt.
Haut stin ech net me' eleng
an ech hun eng Höllef, et ass
keng kleng.
Hut dir also eng Bestellong opzegin
dann net gezéckt a gleich dohin.

**H. Even an de Jong**

Schlesserei Installatio'nen Zentralheizongen

WALFER Tel. 34

D'Réouverture vum Café

**Jean Tonnar**

STADGRONN
Mönsterstrôss 15

wor e Freideg, den 1. Dezember 1944
De Café göt virléfeg vun den Eltere weidergefe'ert

Wur géss de hin?
Bei de Coiffeur **Achilles**
op BO'NEWEG

Kachmaschinen, Uewen, Haushalt- a Kichewueren, Porzelein, Kannerspillsâchen an all Eisewueren, kritt Dir ze kafen am Geschäft

**Armand Feltgen**

zu STÉSEL (bei der Kirech)

E'schtklasseg Fléschwueren an de' allerfeinst Charcuterie get et ömmer an der Metzlerei

**Hilbert-Feltgen**

zu STÉSEL (bei der Kirech)

Matt Be'schte wéss hién ömzegoen,
blo'ss Guddes kann é vun him soen;
seng Händel de' sin ömmer fix
wend ro'eg iech un

**Feidte Pitt**

Ve'händler
HELSEM (Walfer

Ass et fir nei Schong, fir ze flecken,
da musst dir hurteg schrecken
bei

**Conrardy Emil**

Scho'sterméschter
HELSEM (Walfer)

Wo' gött et prima Wein,
a Schnaps a Be'er,
Wo' zâpt e Wiert, e Mann voll E'er,
Wo' get et Jux a Fréd
beim **Ed. Grün-Weiss**
zu WALFER

Wo' richt et gudd, wo' schmâcht
d'Gebäcks,
wo' kritt é Bro't a Kuch a Keks,
beim

**Moyen-Demoulin**

zu BERELDENG

Kineklech luewt stolz de Méschter
de' Arbecht, de' hién opgerîcht,
seng Heiser lackelen d'A
an d'Géschter
op Rechtlechkét léd hié Gewîcht.

**König Jean**

Entrepreneur
HÉSCHTREF-WALFER

Eng gudd Partie Kart
dobei de beschten Dronk
fant der ömmer beim

**Jules Berchem**

Café
SENNENGEN

Fir e sche'nt Ro'semassif ze mâchen offere'eren ech Iech „Grande-Duchesse Charlotte". Et ass eng gudd Schnöttblum an se blit bis an de Wanter eran. Dir kritt och nach vill aner sche'n Zorten beim

**Leo Reuter-Langers**

Ro'senzîchter
WALFER, Dikrecherstrôss 68

# AUS DER »UNIO'N«

**Fernand Mertens-Feier am Cercle.**

E Sonndeg, den 10. Dezember, göt um 3 Auer nomöttes am Cercle önner dem Patronat vun onsem erlauchten Ierwgro'sserzog Jean eng Fernand Mertens-Feier ofgehalen, an dèr Lidder, Märsch, Bearbechtongen a patriotesch Szenen vun eisem Komponist an Hafkapellemêschter virgefo'ert gin. Bei dèr Gelénhét göt en neit letzeburgescht Lidd „Nei Letzeburg“ vum Victor Delcourt önnert der Directio'n vum Komponist, dem Här Fernand Mertens uropgefe'ert. Onse Musekkapellemêschter Albert Thorn, de Nofolger vum Här Mertens hölt matt senger Kapell d'Opfe'erong vun de Musekstecker vir. D'Beglédong op dem Fligel iwerhölt d'Madame Emile Pauly-Lambé, als Solostömm ass ö. a. d'Joffer Dolly Goeres verflicht.

Op dem Programm stin de „Gro'ssherzogin-Charlotte-Marsch“, d'Reih „Letzeburger Szenen“, de „Befreiongs-Marsch“, d'Spill „Danse de la Poupée“, „Letzeburg Ro'sestad“, d'Ouverture zur „Mumm Se'ss“, „Den Arbechtsmann“, Szenen aus dem „Wonner vu Spe'ssbech“ a. d. m.

Virun der Opfe'erong vum neie Lidd schwätzt den Här Victor Delcourt, Präsident vun der Matinée ass den Här Unterrichtsminister P. Frieden.

Vun e Méndeg, de 4. Dezember un leien d'Entréskarten an de Librairien an an der „Hémecht“ op.

Den Erle's vun der Feier a vun dem Lidd fie'sst dem „Office d'Entr'aide sociale et de Solidarité“ vun der Stad Letzeburg zo'.

**Letzeburg.** — Musekfeldwebel Jean Stein. Ganz onerward krute mer e Samschdeg d'Noricht, datt de Musekfeldwebel Jean Stein mueres fre' duerch en Hierzschlag aus dem Liéwe gerass go'f. Wién en Donschdeg den owend dese kräftegen, gesonde Mann nach hannert sengem Musekpult beim Militärconcert vum „Thanksgiving-Day“ am Alfa sötze gesin huet, dém ass des Noricht als onme'glech erschengen. Am beschte Mannesalter huet der Do'd hei e Mönsch ewechgeholl, dém sein Verschéden oprichtegt Bedaueren bei allen, de' hié kannt hun, op aus der Stad oder vum Land, ervirgerff hun. De Jean Stein ass gebur zo' Te'teng a ko'm als jonge Mönsch zur Freiwöllege-Kompanie, wo' hién ufanks mam Gewir gedengt huet, well gié Gendarm gi wollt. No e puer Wochen haten se an der Kasèr eraus, datt de jonge Rekrut begabt wor a sein Instrument beherrsche konnt. E go'f gleich a d'Militärmusek 'iwerholl, wo' en dann am Laf vun der Zeit sei Können önner Beweis gestallt huet. De sche'nsten Erfolleg ower hat de Jean Stein als Musekdirigent. De' Art a Weis, matt dèr hién a ganz kurzer Zeit d'Stadmusek vun De'fferdang zu aussergewe'nlechen Hechstlêschtongen bruecht hat, bleiwt onvergiésslech an de musikaleschen Annalen vum Gro'ssherzogtum. Déselwechten Erfolleg hat de Jean Stein bei der „Harmonie Municipale“ an der Stadt, de' hié bis zu sengem Do'd dirige'ert huet. D'Musekgesellschaft vu Nidderkégeng wèrt och nach lâng deses Mêschterdirigent gedenken. Jiddéré wor fir hién ageholl duerch seng gudd Behandlong a sein Oemgank, de' hién an e'schter Linn senge Musikanten zo'komme gelôss huet. 52 Me'nt lâng huet hién durch d'Vergewaltegong vun onser Hémecht gelidden. Annerhallef Jor lâng sto'nge bei him dohém d'Oemsidelongsköschten a -koffere gepakt, well en ömmer op den Auto vun der Gestapo gewrâd huet; hié wor aus der VdB am Rollengergronn ausgeschloss gin, an de' en durch de Kollektivbeitrött vun der Freiwöllegekompanie gezwonge gi wor. Seng sche'nst Dég huet de Jean Stein verbruecht, we' hié no ve'er Jor „Nichtbewährung“ erem un d'Spötzt vun der „Harmonie Municipale“ triéde konnt, fir an enger ganzer Rei vun Concèren, de' nach jiddrengem an Erönnerong sin, der Begêschterong vun alle Letzeburger gerecht ze gin. Mam Velo wor hié vu Munref, wo' en als Kontrabassist am Kurorchester mattgewirkt huet, duerch d'Kampflinnen gefur fir nömmen net ze spe't zo' senge Musikanten an der Stad ze kommen. Elo huet dé wertvollen Mönsch ons verlôss, dé matt sengen könschtlech op dat Hechst ausgebilde Musikanten op villen Tournéen durch Frankreich an duerch d'Belscht onsem Land ausgezéchent Dengschter erwisen huet, andém en durch seng onopdränglech Art onvergänglech Sympathien fir den he'ge Kulturstand vun onsem Vollek bewise krut. All e'rewert Letzeburger wèrten hién eso' bal net vergiéssen. Senger de'ftrauernder Familjen ower, de' matt him en idyllescht Familjeliéwen haten, soe mir ons de'ft Mattléd.

**Aus der Unio'n De'fferdang.**

E „gudde Letzeburger“ ass onstreitbar de Geschäftsmann J. P. Weber, „Nordstern“, vun De'fferdeng. Eis Miliz, de' bei him dengschtlech passe'ert ass, huet en als Butik an so' weider titule'ert. Dén Här huet vleicht vergiés, datt et eis Miliz war, de' den 10. September gehollef huet Urdnong schâfen, de' déselwechten Dag eis Birger a Böscher besat huet, fir nach eventuell SS-Truppen am Schach ze halen. Dag a Nuecht sin se net aus de Kléder kom a bei dem Alarm, dé kurz durno wor, ass et eröm d'Miliz de', wann et hätt misste sin, matt hirem Liéwen fir eis Secherhét agetratt wir. Eis Milizjongen hun am Krich hiren Dengscht ge'nt de Preiss gemâch, a si mâchen en och elo.

sDéselwechten Här huet och erklärt, e wir durch sei Patriotismus ruine'ert. Bekanntlech hun d'Wehrmachts- an de' politesch Déserteuren nom 10. September e Pur Schong kritt. De' go'wen natirlech nach matt Marke bezuelt, an elo ass den Här Weber vu lauter Patriotismus ruine'ert. Solle mer keng Kollekt mâchen fir dén Här? Déselwechten Här huet engem vun eise Gruppechef erklärt: We' lâng dauert dat Gehéschs nach an ass d'Unio'n nach net opgele'st?

Mir wöllen dém Här nömmen dat hei son, datt mir net hésche gin. Mir huele wat mir freiwölleg kre'en, well et wèrt dach bekannt genug sin, we'vill Misär nach bestét a we' vill Leit nach hémzekommen hun, de' gur neischt me' hun. Wann dat geháscht ass, da we'sste mer gèr, wat d'W. H. W. vun de Preise wor. Op en do och gesot huet: Kommt der schon eröm héschen? We'vill soll en do gin hun?

Zum Rescht wölle mer dem Här nach bemirken, datt d'Unio'n him an eventuellen Gleichgesönnten dé Gefallen opzehalen nach eso' bal net mecht. De' Aufgab, de' mir eis gestallt hun, fe'ere mir duerch, dat könnt der ganz secher sin. Dass mir verschidde Leit am Wé sin, dat wösse mir, dat ass fir eis nömmen e Grond weider, onbeirt eise Wé ze mâchen matt dem Recht, dat mir eis a schwe'ere Joren ge'nt de Preiss erkämpft hun, well so' lâng eist Land net am Fong geseibert ass, gi mir ons net, et ka kaschte wat et wöllt.

Bis dohin, iwerlét emol e we'neg an neischt fir ongudd.

D'Unio'n De'fferdang.

---

**De Nationalverband vun de Bäcker- a Pâtisslergesellen furdert heimatt all Bäcker- a Pâtisssergesellen op, en DENSCHTEG, de 7. DEZEMBER, um 6 Auer am Lokal Schwarz (Piquet), un enger Versammlong délzehuelen.**

**Den Zweck vun dèr Versammlong ass d'Bespriéchong vun der Lo'nregelong an d'Ophuelen vun neie Mitglider.**

**De provisoresche Comité.**

---

**De'fferdang.** — Eng Aentwert. — De 16. November Mures hungen eng Partie schreiwmaschingeschriewen Ziédelen un de Maueren vun De'ferdang, wo' eng so'genannt „Groupe vu Patrioten de' fir eng gerecht Sâch schafft“, Uschöllegongen ge'nt d'Inventurkommissio'n erhiéft. Mir wölle kûrz durzo' dat heit bemierken.

Wann én eso' anonym Wöscher un de Maueren hänke geseit, da ge'f én tatsächlech nach mengen de Polcher an de Jägen géwen nach hei lafen. Demols, we' mir nach an der Resistenz woren, do woren so' Trakten ge'nt d'Preisen gerîcht an nuets un d'Maueren gepecht, den enzege Wé, dé mir betriéde konnten. Mais nom 10. September menge mer, huet d'Situatio'n change'ert. D'Unio'n stét do, zesumme gesat aus durchswés ustännege Letzeburger, de' am Verein mat allen e'erleche Letzeburger, eist Land seiberen vun allem preisesche Wo'scht. Appeller an dem Sönn un d'Populatio'n, matt ze schaffen an ze hölefen Material erbei ze droen fir de' Schölleg ze treffen, sin a ville Fäll net gehe'ert gin. Et ass och vill me' einfach Sudeleien un d'Maueren ze hänken an ustänneg Leit an den Dreck ze ze'en. Fir wat ass de' „Groupe Patrioten“ net an d'Unio'n komm an huet op Grond vun hire Beléer Uklo erhuewen? Bis elo ass nach keng enzeg Klo ge'nt e Mémber vun der Inventurkommissio'n agelaf. An der Unio'n flitt neischt an de Pobeierkuerf. Begrönnt Ukloen, fir de' d'Ukle'er selbstverständlech astinn, mâchen onbedengt hire gerechte Wé, an de Schöllege he'sst, op dat en „Decken“ oder e „Klengen“ ass, dat könnt der ganz secher sin. Nömmen, verlânge mir, dass bei allem de legale Wé vun der Oprichtegkét agehale get an net den dreckege Wé vum Anonymat.

Mir widerhuelen eisen Appell un all ustänneg Patrioten: „We'nt der gewalteger Arbecht, de' am Cader vun der Unio'n gelêscht ass gin, de' all Dag gelêscht göt an de' nach ze lêschten ass, solle mer dach allegurten oprichteg zesumme schaffen, all zesumme stoen am Sönn vun der sche'ner Paro'l, de' mer eis an deser schwe'erer Zeit vum Naziterror gin hun. Wa mir dat mâchen, da si mer Patrioten, dann treffe mir de' Schölleg a rappen dat preisescht Iwel matt der Wurzel eraus. Nömmen op de' Mane'er könne mir e neit Letzeburg ophauen, op dat eis Kanner stolz sin.

D'Union De'fferdang.

**De'fferdeng.** — Mattdélong un all Sektio'nen vum Distrikt 3. — Vum 1. Dezember un iwerhöllt den Distriktschef - Assistent Kremer Vik. d'Fonktio'nen als Distriktschef amplaz vum Klein Nik., dén durch Beruffsfonktio'nen verhönnert ass.

**Duelem.** — E Sonndeg, den 8. 10. 44, hun d'Jongen vun der Unio'n (Sektio'n Duelem), eng Sammlong an der Gemeng fir d'Letzeburger Ro'd Kreiz an all Letzeburger, de' an der No't sin, duerchgefe'ert. Trotz dénen harden Zeiten, de' d'Leit vun der Gemeng Duelem an déne ve'er Krichsjoren durchgemâch, hun si aus freiem Hierz an o'ni Zecken gin fir dat sche'nt Wiérk vun der nationaler Oennerstötzong. D'Resultat vun der Sammlong war dest: Fir Duelem: 2.035.70 Rm; Feschduerf 956 Mark; Welfreng 417 Rm. Total: 3.408.70.

**Diekerech.** — Bei enger Sammlong zu Gonschten vum Ro'de Kreiz, dé vun dem Personal vun der Dikercher Brauerei am Oktober duerchgefe'ert gin war, ass de' gro'ssarteg Somm vun 1286 Mark gesammelt gin. Dobei huet sech eröm eng Ke'er bewisen, we' och de' Dikerecher déne Letzeburger, de' a gro'sser No't sin höllefen wöllen.

**Elwen.** — We' iwerall am Land, eso huet Elwen e Sonndeg de 5. November senger Do'dege geduecht, senger Helden de' hirt Liéwen hu misse lôssen fir ons Freihét, fir ons Hémecht. Em 10 Auer e feierléchen Gottesdengscht, dém bal ganz Elwen an eng gro'ss Zuel vun onsen allie'erte Frönn den Amerikaner beigewunt hun. Och eis allie'ert Gefâlen gueven vun Elwen net vergiésst. D'L. L. P. P., den Här Burgermêschter, d'Gendarmerie an eng Delegatio'n Amerikaner hun e Kranz om Grâf vun 3 engleschen Aviateuren, gefâlen den 11. Mé 1940, ne'ergeluegt. Matt dém Verspriéchen un ons Do'deg, dass mir d'Flâm vun hirem Affer wâch hâlen, dass Letzeburg bestoen bleiwt, si mer hémgâng.

**Nidderkur.** — E Sonndeg, den 3. Dezember, em halwer 10 Auer mueres, ass am Sall Kayser J. P. eng gro'ss Memberversammlong. All Member ass gebiéden, un dèr Versammlong délzehuelen.

**Uewerkur.** — E Sonndeg, den 3. Dezember 1944, ass am Sall Léon Collart, Prönz Harystrôss, Uewerkur, eng gro'ss Memberversammlong. All Member ass gebiéden, penktlech em 10 Auer mueres zo' deser Versammlong z'erschengen.

**Uewerkur.** — Haut de Möttég öm halver ve'er go'f de Gusty Moes, Metzlermêschter zu Uewerkur zu Graf gedro. Dass et e geuechten Uewerkurer war, dat huet de' gro'ss Trauerbedélegong vun der ganzer Gemeng bewisen. Och d'Unio'n verle'ert am Gusty Moes en treie Member, dén zönter 1942 der Resistenzorganisatio'n L. R. L. uge'he'ert huet. A senger Arbécht fir de' gut Letzeburger Sâch huet en ömmer sei Mann gestalt. D'Unio'n an all de'je'neg de' de Gusty kannt hun, werten sein Undenken he'chhalen.

**Unio'n Pe'teng.** — E Sonndeg, den 3. Dezember, Nomöttes öm 3.30 Auer ass am Sall vun der neier Scho'l eng gro'ss Opklärongsversammlong vun der Unio'n Pe'teng. D'Populatio'n vu Pe'teng an Emge'gend ass fröndlech derzo' agelueden. (De Comité vun der Unio'n Pe'teng.)

**Wuermeldeng.** — Gestuerwe fir d'Hémecht. — De'ftraureg hu mir en Dönschdeg, den 9. November 1944, drei vun onse Beschten dat lescht Geléd gin, onse gudden treie Kameroden Camille Schumacher, René Biewers a Josy Lethal. Am Dengscht fir d'Hémecht sin si durch en trageschen Onfall zu Wuermeldeng ewechgerâft gin. E vun onse Kameroden, de Léo Fischer, dé schwe'er verwonnt wor, go'f vum amerikanesche Ro'de Kreiz no Esch an d'Lazarett transporte'ert, wo' en senge schwe're Verletzongen erléen ass. E Sonndeg, den 12. November, go'f en zu Esch provisoresch beigesat. Dat definitivt Begriéfnes ass spe'der zu Wuermeldeng. — De feierleche Leichendengscht e Me'ndeg, den 13. November an der Kathedral wor eng gewalteg Demonstratio'n vun Trauer virun dem ongeheire Schmierz, dén d'Familje Schumacher-Kohl, Biewers-Schons, Lethal-Klincker an Fischer-Reiter getraff huet. D'Bedélegong vun der ganzer Gemeng söll hinnen e klengen Ausdrock vun Tro'scht sin. D'Unio'n vu Wuermeldeng suergt dofir, dass d'Undenken vun hire ve'er le'we gefalenen Kameroden, de' hirt Liéwe gin hun fir d'Letzeburger Hémecht, net ofstiérwt.

# OFFIZIELL MATTDELONGEN

**Dankschreiwen vum Colonel Fraser bei Gelénhét vum Thanksgiving Day.**

24. November 1944.

Am Numm vun der amerikanescher Arme' hei zu Letzeburg, hun ech de Wonsch Iech onsen hierzlechsten Dank an ons Unerkennong auszedrecken, datt Der ons an Er Familjen geruff hut bei Gelénhét vun onsem Thanksgiving Day, vum 23. November 1944.

Vill vun ons hun Er Invitatio'n ugeholl a sin Iech ganz dankbar, datt Der hinnen d'Gelénhét gin hut fir matt Iech zesummen ze kommen a fir Er so' gro'sszügeg Gastfröndschaft ze gene'ssen. Mer werten ömmer un de Dag denken.

De'je'neg vun ons de' Er le'w Invitatio'n net unhuele konnten, woren dozo' gezwongen, well ons Flicht ons nömmen erlabt huet zu bestömmte Stonnen dem Dîner vun desem Thanksgiving Day beizewunnen. Trotzdem huet Er le'w Invitatio'n ons émol me' drun erönnert, datt ons be'd Länner villes mattené gemeinsam hun.

Mer si besonnesch dem Böschof vu Letzeburg dankbar fir de sche'nen Te Deum an der Kathédral an och dem Aumönier Harris an dene villen Aumöniéen, de' ons gehollef hun, desen Dag zo' engem besonneschen Dag ze stempelen.

D'Membere vun der englescher Arme' zu Letzeburg schle'ssen sech onsem Merci un.

Mer hoffe vu ganzem Hierzen, datt et dest Jor fir d'lescht war, datt mer den Thanksgiving Day a Krichszeit hu feiere missen an datt mer dat selwegt Fest an dene kommende Joeren am Fridden erliéwen können.

**Frank E. Fraser,** Colonel.

**Bekanntmâchong.**

1. Sämtlech Dengschtreim vum Luftschutz befannen sech vum 29. 11. 44 un am Gebei vun der fre'erer a jetzeger Befehlsstell, Prönzereng 21 (Tel. 5804-5805).

2. D'Sprengkommando, (Prönzereng 21, Tel. 5804-5805 biéd all Polizeibehörden resp. de' Hären Burgermêschteren Ugawen iwer zreckgelôsse Munitio'n, Sprengstoff, Blindgänger aew. matt der genauer Ugaw vum Uert schröftlech un de' uewegenannt Adress ze richten. Wa me'glech, ass och d'Art an d'Zuel vun de Geschosser unzegin. Iwer Bommenofwörf, V I-Geschosser aew. biéd d'Sprengkommando op schnellstem Wé (per Telefon oder schröftlech Beschéd ze kre'en, fir datt evtl. Bommeblindgänger festgestallt an direkt onschiédlech gemâch könne gin.

**D'Stadverwaltong.**

**Bekanntmâchong.**

Am Averstänntnes matt den zo'stännege Militär-Stellen go'f dorop higewiesen, datt et den Evakue'erten, de' erem gieren hém gin, bis elo nach ömmer verbueden ass, wann en net am Besötz vun engem aussergewe'nleche Erlabnisschein ass. Praktesch könnt elo nömmen eng Besetzong vun der Ostgrenz vum Land durch Gendarmerie- a verédegten Höllefsgendarmen a Fro. En, dén zewidderhandelt get op Grond vun den gro'ssherzoglechen Arrêtéen vum 26. Juli 1944 an dem 5. September 1944, de' de Belagerongszo'stand betreffen, bestroft. Et wert jiddverengem o'ni weideres verständlech sin, dass d'Reckfe'erong vun den Evakue'erten an hir Dierfer nömmen an ordentlechen Zo'stänn erfollege kann an dass fir d'e'scht de' Uertschaften matt Wâsser, Strom, Brand a Liéwensmöttelen versuergt si mussen. Ausserdem gehe'eren de' Uertschaften nach ömmer zo' der militäreschen Operatio'ns-Zon a si bis elo nach net vun de militäresche Stellen freigin.

**D'Commissariat au Rapatriement.**

**Bekanntmâchong.**

En Norichtendengscht (Bre'wer), de' durch d'Ro'd Kreiz solle goen, ass autorise'ert de' Bre'wer an d'Frankreich an an d'Belsch ze gin, vum 21. Nov. un.

De Porto vun de Bre'wer, dén vum dém bezuelt get, dén de Bre'f fortscheckt, ass 2,50 Fr. D'Bre'wer gi no den allgemenge Bestömmongen vum Ro'de Kreiz ugeholl, dat betröfft d'Adress, den Text, an d'Formulairer, an de' sin an den offizielle Büroen vum Ro'de Kreiz ofzegin.

(Publize'ert vun der Verwaltong v. P.T.T.)

**Militärescht Egentom, dat font gin ass.**

Zivilperso'nen, de' Auskonft könne gin iwer eidel Benzins- a Wâsserkanen (Inhalt 5 gallons, 22,7 Liter), de' op der Landstross font si gin, an de' den allie'erten Truppen gehe'eren, si gebiéden, dem nächsten Civil Affaires Office, d'Plâtz, wo' se font si gin an d'Zuel, mattzedélen.

Veröffentlecht vun den allie'erten militäresche Behörden.

**Wat hêscht dât?**

Virun en etlech Dég sto'ng an den Zeidongen önnert den amtlechen Mattdélongen desen Avis:

„Tous les membres et tous les anciens membres de la Wehrmacht, actuellement à Luxembourg, doivent se présenter à la mairie la plus proche le ou vers le 1er décembre 1944.

Celui qui ne se conformera pas à cet appel sera, le cas échéant, arrêté et puni. Par ordre des autorités militaires alliées.“

Fir allem Gespre'ch d'Spötzt ze briéchen déle mir matt, dass heimatt net letzeburger Jonge gemengt sin, de' sech der preisescher Wehrmacht entzunn hun.

Wat d'Fro vum Besetze vun onser Ostgrenz ubelangt, do könne mer ro'eg unhuelen dass, ir et mol eso'weit ass, sech eso'vill Freiwölleger gemellt hun, dass eng Conscriptio'n virof emol net durchgefe'ert brauch ze gin.

**Ausstellong vu Passe'erscheiner un Zivilperso'nen fir Résen aus dem Gro'ssherzogtum eraus.**

1. Vum e'schten Dezember 1944 un könne Passe'erscheiner fir Résen aus dem Gro'ssherzogtum eraus un Zivilperso'nen vum „Supreme Headquarters Allied Expeditionary Force, Mission to Luxemburg“ a folgende Fäll ausgestallt gin:

a) U Perso'nen, de' am offiziellen Opdrag fir d'Letzeburgesch Rege'erong résen an de' zu desem Zweck eng Bescheinegong, vum zo'stännege Minister oder sengem direkte Vertriéder hun.

b) Un Zivilperso'nen, de' krichswichteg an versuergongswichteg Résen önnerhuelen an zu desem Zweck eng Bescheinegong vum „Office du Ravitaillement et des Affaires économiques“ vu Letzeburg hun.

c) Fir Ausnamfäll, de' net önner a) a b) falen, muss eng Berechtegongsbescheinegong virleien, iwert d'politesch einwandfrei Haltong wärend der Besetzongszeit, vun dem, den den Antrag stellt.

De' Bescheinegong muss duerch d'Gendarmerie vun dem Bezirk an dem de Mann oder de' Fra wunnt ausgestallt gin, oder wann en an der Hâptstadt wunt, vum öffentlechen Secherhétsdengscht.

2. D'Iwerwachong vum klenge Grenzverke'er an der franze'scher a belscher Grenz get nach ömmer duerch d'Gendarmerie gemâch.

3. Dén, dén den Antrag stellt huet sech perse'nlech matt der erfuerderlecher Bescheinegong am Regirongsgebei 1. Stack, Letzeburg virzestellen an zwar wiertes, viru Mötten vun 10—12 Auer an nomöttes vun 2—6 Auer; Samschdes vun 10—12 Auer.

## Aus der Redaktio'n

**D'Séche vum Zinniklos.** Text a Biller vum **Georg Schmitt.**

Erschengt ufanks nächster Woch am Dreifarwendrock. — Fir den Niklosdag eng allerle'fst letzeburger Séchen vun drei Bo'wen de' bal Schued gelidden hätten, ower glécklech eröm hémko'men.

**D'Land önnerm Rébo'. E Buch fir d'Letzeburger Kanner.** — Letzeburg 1944. — 120 Seiten, gebonnen 22 Frang.

E Buch matt Gedichter a Geschichten (op letzeburgesch an op deitsch), dat de Kléschen de Letzeburger Kanner soll op den Teller léen an dat hinne Fréd mecht. Et gét Rieds vum Krich an den Oemgesidelten, vum 10. September an den Amerikaner, vun der Hémecht a vun de Letzeburger a vu Fréd a Léd aus dem Liéwe vum Kand. De Verlag (St. Paulus-Dreckerei) huet d'Buch propper erausgefizt. Iech dreizeng ower (Léo Berchem, Franz Binsfeld, J. P. Braun, Albert Elsen, Hélène Fournelle, Michel Hever, Emil Kauth, Félix Mersch, Pol Noesen, Léo Senninger, A. Weis, Th. W., Mie Wingert-Rodenbourg), de' Der Iech hei am Dengscht vum Hémechtsgedanken zesummefonnt hut onse Luew an de Wonsch: Nu setzt Iech hin a schreiwt ons e Kannerbuch emol ganz op letzeburgesch!

J. B.


**Pierre Maroldt & Cie**
**LETZEBURG**

**Puddermöttel, Frûcht, Chemesch Dünger Iess- a Setzgromperen**
**—— KUELEN ——**

Eis Büroen a Lageren sin erem: **50-58, Leschte Steiwer (Dernier Sol)**
**Tel. 68-60 a 56-43.**

---

D'Schreinerei
**Reisdorfer**
**KAYL,** Te'tengerstrôss
mecht all Schreinerarbechten, propper a gudd.

---

Kléderfabrik
**Ginter-Ginter**
**FIELS**
**erönnert un hir Fabrikater**
(Net ze verwiésselen mat der Duchfabrik)

---

**2500 Kreschbémercher** ze verkafen bei
**Lorangs Pier**
**ROLLENGEN-Mirsch**
Hâptstrôss 108


## VERSCHIDDENES


**Neierschengongen**

Den Här Senninger an den Här Noesen hun e Billerbuch fir d'Kanner erausgin. Dat Buch dre't den Titel: D'Land önnerm Rébo'. Mir verweisen op d'Bespriéchong!

---

**En elektreschen Ziéler (220 Volt), eng sche' Bre'fmarkesammlong, Ve'er Jorgäng vum „Letzeburger Wort“** (1940-41-42-43) zer verkafen. Offerte sin un d'Redaktio'n vun der Unio'n ze schecken.

**Foothall-Club Uelzecht, Stésel**
kéft fir seng Spiller **nei a gebrauchte Fo'ssballschong** am énzelnen an am gro'ssen op.
Président: Josy Müller, Stésel

---

**PE'TENG**
E Sonndeg zu Pe'teng am Turnsall vun der neier Scho'l em halwer ve'er nomöttes
**Opklärungsversammlong**
vun der Unio'n vu Pe'teng zu der all guddgesönnt Birger ageluede sin.
**D'Unio'n Pe'teng.**


## FAMILJENANNONCEN

Mat gro'ssem Schmierz hu mer d'Nouvelle vum Ofliewen vum

**Här Jean STEIN**
**Militärmuseker zu Letzeburg**

opgeholl.

Den Här Jean Stein wor 12 Jor lâng Dirigent vun der De'fferdanger Stadmusek, de' en durch onermiddlecht Schaffen zu enger Elite-Musek an d'He'cht bruet huet. Nach haut ass de gre'sste Bestanddél vun eiser Musek aus senger Scho'l. So' lâng we' d'De'fferdanger Musek bestét, bleiwt de Numm Jean Stein engstens mat hir verbonnen.

Mir verneipen ons vrun der de'wer Trauer vun der Mme Stein an hire Kanner. Eso'bal eröm normal Verhältnesser sin, ass der De'fferdanger Stadmusek hiren e'schte Gank op d'Grâw vun hirem bèschten Dirigent.

**D'Stadmusek vun De'fferdang.**

---

D'Madame J. J. Lux-Neuens, d'Familjen Lux, Salase, Bouchard, Spiroux, Ney, Neuens délen den Do'd vum

**Här Jean-Joseph LUX**
**Mann vum Catherine Neuens**
**Wittmann vum Marie Ney**
**Scho'linspekter**
**Sekretär vun der Unterrechtscommissio'n**

matt.

En ass gestuerwen, versi matt den hl. Sakramenten, de 27. November 1944 zu Letzeburg am Alter vu 55 Jor.

De Leichendengscht wor en Donneschdeg, den 30. d. M. em 10 Auer. D'Begriéfnes wor gleich durno em 11 Auer um Kirfecht um Glacis.

Letzeburg, an der Front, Ellenge-Mess, Perel, Troine, Bettendorf, Niderpallen, Veianen.

# Wat get gemâch?

Et bestét elo eng gewöss Aussicht, datt eis Evakue'ert vu Musel, Sauer an Our geschwönn erem können hémgoen. Et gef' de' Leit bestömmt bero'egen, wann se wössten, we' d'Regirong sech hire „Rapatriement" denkt a wat si schon dofir gemâch huet. Et wär nämlech net ubruecht, wa bei der Reckfe'erong vun den Evakue'erten grad eso' en Durchenén ge'ng entstoen, we' sengerzeit, we' d'Leit hu misse vun dohém fortplönneren. dofir gét et elo dröm virzebauen an de' Sâch z'organise'eren, wann et net scho gemâch ass. Wann dat awer scho geschitt ass, da froe mer eis, firwat d'Leit dat net mattgedélt kre'en? Si hätten och emol vleicht hei a do e bessere Virschlag ze mâchen an et wär dann nach vleicht Zeit, de Regirongsplang ömzebauen an ze verbesseren.

Well nach gur neischt mattgedélt gin ass, wat de Recktransport vun den Evakue'erten betröfft, musse mer unhuelen, datt nach neischt geplangt ass, Mer stellen dofir elo eng Série Froen a mer wäre fro', wa mer eso' bal we' me'glech vun he'erer Plaz dorop eng Aentwert kre'gen (an zwar an d'Press, datt all Mönsch se ka liésen).

Können d'Leit all mattenaner hémgoen oder gi fir d'e'scht beruffe Leit an d'Dirfer gescheckt, de' de' ne'degst Virarbechte mâchen (Wâsserleitongen, Elektresch a. e. w.). Mussen d'Leit sech op hir ége Fauscht erem hémschaffen oder get de' Sâch systematesch organise'ert? Wann se organise'ert get, vu wiém? We' stön... et matt den Transportmöttelen a matt dem Brennstoff fir de Rapatriement vun den Evakue'erten? Oder mussen de' âl a krank Leit erem zu Fo'ss hémkrauchen? D'Amerikaner ge'fen eis fir de' Sâch och vleicht e bössen Brennstoff zo'komme lôssen, wann eis Regirong se dröm biéde ge'ng? Kre'en vleicht bei dèr Gele'enhét och de' Kleng e Camion a net nömmen de', de' niéwelanscht können eng Hâm oder en Hektoliter Wein sprange lôssen? Wié bezillt den Transport, de Staat oder de' Evakue'ert, de' scho ké Su me' hun? Wann net genug Autoen do sin oder net genug Brennstoff, können dann net vleicht d'Baueren aus dem ganze Land erugezu gin, datt se hir Pärd an hir Wén zur Verfügong stellen (de' méscht Arbecht ass jo so'we'so dobausse gemâch)?

Eso'weit iwer d'Fro vum Recktransport selwer. Ass domatt d'Fro vun den Evakue'erten erliédegt? Menger Ménong no net. – Da gét d'Hâptarbecht ere'scht un. Mer froen dofir weider: Sin d'Handwirksleit bestömmt, de' de' ne'deg Reparaturen direkt mâchen? Sin de' ne'deg Wuren fir d'Reparaturen do? Können de' Wuren net regio'nsweis a Sammellager zesummengefe'ert gin (da brauchen d'Leit herno nömmen op eng Plaz ze goen aplaz op dreizeng)? We' ass et matt der Rekonstruktio'n (Wiederaufbau)? Stin dofir Mannschaften berét? (Ech mengen et wär lîcht, dofir eng ganz Mass Leit zesummenzekre'en; d'Schmelze schaffen nach net önnert Volldamp, vill Leit hun elo nach keng fest Beschäftegong, vill Baurejongen hun elo dohém geschwönn net me' vill Arbecht a si wore jo och de Wanter bei de Preisen dienstverpflicht, vill vun eise Jongen, de' verstoppt woren, si gèr berét, eng Hand unzepaken an dann hu mer jo och eng gudd Partie Prisonne'er an Interne'erter, de' sech do och könnten e bessere Numm mâchen). Et félt elo net u Leit, et félt elo nömmen un engem gudde Kapp, dén de' Sâch propper a se'er organise'ert. Et ass och dobaussen op der Gewân vleicht nach muenches ze retten, wann eis Evakue'ert hémkommen; op jiddefall ass um Feld an an de Weibirger nach vill Arbecht nozuhuelen. Wär et net me'glech, datt de Leit dofir de' ne'deg Maschinen, Pärd an Arbechtskräft ge'ngen zur Verfügong gestallt gin? Wién elo Zeit huet an sech weigert, eng Hand unzepaken, dat ass ké gudde Letzeburger, wann en och hannert dem Humpen eso' deck te'nt. Et breicht jo och hoffentlech kén de' Arbecht fir neischt ze mâchen, dat wär och net sozial, zemols wann dén, dén eng Hand upakt, eng Familjen z'erhalen huet.

A we' stömmt et matt dem Ravitailement, wann de' Evakue'ert hémkommen? Lafen de' zwo' Sâchen zesummen oder könnt d'Versurgong drei Wochen nogehumpelt? Dat wär önner allen Oemstänn ze verhönneren. An dann nach eppes. — Si bei de Grossisten Wure reserve'ert fir d'Geschäftsleit vun der Ostgrenz, an ass d'Me'glechkét geschâf ,si direkt e bössen ze beliweren? Oder mussen se vleicht hire Buttek zo'mâchen an hésche goen? Wär et net me'glech, schon elo matt enger Commissio'n vun de Geschäftsleit z'önnersichen, wat fir Sâchen do onbedengt a Fro ke'men? Wär et net me'glech matt Vertriéder vun de Baueren, vun de Miseler a vun de Verwaltongen och fir hir Branchen en definitive Plang fir de Rapatriement vun den Evakue'erten a fir d'Rekonstruktio'n vun den evakue'erte Ge'genden festzeléen? Mer sin iwerzegt, wann de' Sâch richteg ugepakt gött, da spure mer den Evakue'erten vill Surg a Léd, an dem Staat, (dat héscht eis allegur), e gudde Ko'p Geld. Me hätten dofir gèr, wa ge'ng Gescheck gemâch gin, well mer hu Krichsschued genug am Land an et ass dofir net ubruecht, datt durch Nole'ssegkét nach eng Partie Millio'nen dobei könnt.

De klenge Letzeburger.

# Schölleg - net schölleg?

Et get en Oennerschéd gemâch töschent dénen, de' virum 21. Oktober 1940 an d'VdB. gânge sin an dénen, de' ere'scht no dém Datum beigetratt sin. Am Prinzip ass dat richteg, well virun dém Datum nach net dén onbarmherzegen Drock iwert ons all lo'g, dén ons wollt matt aller Gewalt zwangen an „d'Heim ins Reich"-Gesellschaft ze goen. We' démols gedrét go'f dat ass ons jo nach allegur an Erönnerong. E Beamten, dén sech net ophuele le'ss, ge'f op der Plâz entlôss, e Geschäftsmann kre'ch d'Geschäft zo'gemâch an d'Wure beschlagnamt. Dozo' ko'm dann nach d'Déportatio'n matt all dém Misär, dén domatt fir Fra a Kanner mattverbonne wär.

Gewöss, et wor eng gewösse Feighét, de' du de' weitaus gro'ss Majorite't vun de Staatsbeamten, de Gemengebeamten an déne Privatbeamten, de' a Gesellschafte beschäftegt woren, dénen de Beitrött vun hire „Gefolgschaftsmitglieder" zur VdB. zur Flicht gemâch gi wor, dozo' bruecht huet ze kapitule'eren. Si hätte sollen durhalen a we' é Mann sech weigeren, dém Klub beizetriéden, dén se dach durno so' dack vun Hierzen verwönscht hun. Fir si wär et besser gewiéscht, et hätt dénen, de' sech trotz allem geweigert hu beizetriéden, vill Misär erspuert, an et hätt och ganz secher dozo' beigedroen, datt de Preiss net eso' se'er e Virwand fond hätt fir ons praktesch un d'Reich unzegglideren an d'Wehrpflicht anzefe'eren.

Mé dat alles hu se net beduecht an net weit genuch viraus gesinn. Si hun dem Preiss seng Niderträchtegkét nach net an hirer voller Gre'sst kannt. Si hu vir allem gebângt virun dem égene Misär, si hu sech an hir Familje verschléft gesin a verjot, o'ni Oennerdag an o'ni Bro't. Mir, de' matt hinne geliewt hun an de' hir gudd letzeburgesch Gesönnong kannt hun, mir wössen durch wat fir eng Gewössenspeng si du gânge sin. Si hu gerechent a getîrmt, si hu sech zesumme berachelt an hir Chef gefrot. Hir Kollege woren all am selwechte Misär an hir Chef hun en entweder net rode können oder si hun e geroden nozegin, fir hirt Bro't ze retten. Mêschtens woren d'Chef och scho virun de klenge Beamten dran oder si hu sech dach matt hinne gemeld. Matt schwe'rem Hierz an de Kapp an d'Schöllere gezun, — well si hun drönner gelidden —, a si hu sech geschummt.

Sin de' Leit schölleg?

En, dén net an hirem Fall sto'ng, kann an durf net doriwer urtelen. Wär hién an hirer Plâz gewiéscht, en hätt et vleicht grad eso' gemâch. Nömmen dén därf urtelen, dén durch seng Haltong bewisen huet, datt e stârk blo'f an datt en och seng Affer freiwöllêg bruecht huet an dén Gefoen o'ni ze zecken an d'Ae gekuckt huet. Et get dèr. — Mé, de' urtelen net eso' schârf we' de', de' net dobei woren.

D'Bro't am Exil ass batter. — Dat wössen de', de' et giéss hun, virun allem de', de' elo nach am Misär doiwer sötzen. Seng Plâz verle'eren an engem Moment, wo' én net un d'Enn vum Krich gesin huet, wo' virun alles e gudd Enn ganz problematesch wor, wor net lîchtschâz ze huelen. All de', de' et net mattgemâch hun, hu lîcht schwätzen. El owe' et eriwer ass, schengt et net me' eso' schlömm ass ewe' démols, wo' mir virun enger ganz ongewösser Zo'konft sto'ngen. Mé och elo nach musse mer soen: De' ve'er Jor wore lâng. A wann én an déne ve'er Jor neischt verdengt huet an ower seng Familjen huet missen erhalen, dann ass dat eso'gur nore'glech net grad eng Klengegkét. Ewell we' de' aner hirt Gehalt konnten anze'en oder hir Geschäfter bei an och alt matt de Preisen gemâch hun, huet e seng Trei zum Land musse matt sengem Verme'gen bezuelen, an no déne ve'er Jor sin de' Suen, de' e sech fir den alen Dag erspuert hat oder matt dénen e seng Kanner stode'ere lôsse wollt, bei der Deiwel. An elo, wo' de' aner hir bei de Preisse verdengte Marken ömtausche gânge sin, si mir de Rescht vun de gudde Frangen, de' ons vu virum Krich nach bliwe sin an de' mer zo' 10 Frang fir d'Mark hu missen hirgin, erem zo' 5 Nokrichsfrang fir d'Mark ömrechne lôsse gâng. An haut, wo' de' aner nach ömmer op hire Plâze sötzen an hirt Virkrichsgehalt plus 60 Prozent anze'en, si mir, de' eng doiwer an Deitschland, anerer hei, nach ömmer o'ni Arbecht an Akommes, well d'Oemstänn et nach net anescht erlabt hun an de Staat och net zevill presse'ert ass, fir eng gerecht Urdnong an allem ze surgen.

Dat wosste mer so' zimlech alles viraus, a mir hei wössen, datt et nach vill me' schlömm fir ons hätt könne kommen. Mé dofir versti mir och, an de', de' net am Fall woren, mussen et och verstoen, datt d'weitaus gro'ss Majorite't et net ferdeg bruecht huet, de preisesche Furderongen e „Non possumus" entge'nt ze setzen.

Dofir: Mitglied vun der VdB. gewiéscht ze sin, ass gewöss keng E'er. Et ass ower och net vu virerof als Schold unzerechnen. Viraus gesat natirlech, datt de Betreffenden sech soss neischt zo' Scholde komme gelôss huet an sech als Letzeburger gefillt an erwisen huet.

We' we'neg de' Letzeburger, de' sech op de' Mane'er an d'VdB. ophuele gelôss hun, domatt hirt Letzeburgertom wollte verléchnen huet sech an aller Deitlechkét bei der Ofstömmong den 10. Oktober 1941 bewisen. We' é Mann hu si sech démols als Letzeburger bekannt. Et wor e Protest ge'nt dén erzwongene Beitrött zur VdB. we' e net me' deitlech könnt sin. Matt dém Bekenntnis hu si hirt feig Verhalen vu virdrun erem gudd gemâch an hir Schold, wann én se als dat wöllt ugesin, erem ausgewöscht. Vun der Ofstömmong un wor de Beitrött zur VdB. nur me' eng Farce, o'ni politesch oder och nömme symbolesch Bedeitong.

D'VdB. wor zo' engem Bumerang gin, dén sech ge'nt de' gericht huet, de' gemengt haten matt him onse letzeburger Patriotissem am Hierz ze treffen. Vun do un wo'ssten d'Preisen, datt si hire VdB.-Männer och net konnten trauen, an si hun och démno gehandelt. Wivill vun dénen, de' am KZ sötzen, vun dénen, de' ömgesidelt oder strofversat sin, wore Mitglied vun der VdB? Wivill vun dénen, de' an de Resistenzbewegongen eng kurage'ert a gefe'erlech Roll gespillt hun, woren Mitglied vun der VdB? Sollen och de' all als schölleg ugesi gin?

A wann och dén, dén dem Zwank sein absolut „Nén" entge'ntgesat huet an dofir schwe'er Affer bruecht huet, o'ni Zweiwel me' propper do stét a me' Verdengschter huet ass we' dén, dé nodre'glech sein e'schte Féler erem gudd gemâch huet, dann därf én ower och net vergiéssen, datt net jidferén, dén net an der VdB. wor, déselwechte Verdengscht huet. Et get Leit, eso'gur vill, de' net op enger expose'erter Plâz sto'ngen an de' ké Courage hu brauchen opzebrengen fir net dran ze goen, aus dem einfache Grond, well si iwerhâpt net dofir gefrot si gin. Anerer sin zwar gefrot gin, ma hire Beruff huet hinnen erlabt, sech ze entschöllegen. Domatt wor et da fir si gedoen. Si sin nöt gepisackt gin an hun och ké materiell a ké moralescht Affer brauchen ze brengen.

Et get dofir bestömmt och Leit, de' an der VdB. woren, de' me' Verdengschter fir d'Land hun ass we' anerer, de' net dra woren, dé de' ongeste'ert hir Geschäfter konnte mâchen.

Verallgemengeren dèrf én och hei net. All Fall leit anescht. Et dèrf é ké verdâmen, dés et hätt én e gehe'ert a sei Fall klor geluegt et dèrf én och kén an den Himmel eraluewen, dés et wéss en, op en dé Luew och durch seng wirklech Léschtongen a seng Affer verdengt huet.

r.

# Si mer tatsächlech eso' reich?

Ech si ké Stöppeler, mé ech froen eso' dacks, op mer wirklech eso' reich sin, datt mer Millio'ne können an de Pötz geheien. Ech bezuelen och gèr nom Krich eso' man Steieren we' nömme me'glech an dofir huelen ech mer och d'Recht, mech ze irgeren. Wann de Staat ka Commissio'nen asetzen, da könne mir aner, de' Steiere musse blechen, och verlângen, datt de' Commissio'nen och eppes léschten. Ech wenne mech elo emol un d'Sequesteramt. Dé Büro existe'ert schon eng gudd Zeit a mer bedauere nömmen, datt mer bis haut nach net vill vun him he'eren hunn an dat, wat vun dèr he'er Plaz aus dekrete'ert oder lance'ert gin ass, dat war net ganz vill. Wién de Contraire behâpt, dén ass am Onrecht, well ech froen hién an d'ganzt Vollek: Wat hun de' Häre bis elo geschafft? — Wann se vleicht an der Stad Letzeburg eppes opzeweisen hun, dann ass dat jo schon eppes klenges, mé ech wéss et net, well ech hu keng Zeit fir do nozefroen. Ech sin och der Ménong, datt eis Hémecht net nömmen aus der Hâptstad bestét an ech hun dofir eng Onmass Grönn. (Wann de' Grönn villeicht én oder dén aneren interesse'eren, da sin ech berét, him eng aner Ke'er dorop ze äntweren.) Ech sin nämlech vum Durf an do hu mer nach net vill vum Sequesteramt he'eren. Ech greifen och hei net de' kleng Sequesterbüroen un, de', we' ömmer, hir Arbecht propper a prompt gemâch hun, mé den Hâptsequesterbüro zu Letzeburg.

Mer wöllen dach haut allegur am Interesse vum Land schaffen. A wa mer dem Staat könne Millio'ne wannen, dann ass dat dach secher fir eis eng Selbstverständlechkét. Ech gesin dofir gur net an, firwat dat sequestre'ert Verme'gen (Mobilien an Immobilien) de Moment muss brôch leien? Missen de' Heiser vun déne flüchtege Preisen onbedengt eidelstoen? Firwat durfen de' Heiser, an dénen flüchteg Preise gewunnt hun, net frösch verlo'nt gin? Firwat durfen d'Miwel net zesummegeschloen a beienén gestallt gin? Firwat durfen de' Miwelen net verkaft gin? Firwat mussen de' Radioen op engem Ko'p zesummenstoen a stöpseg gin, wo' eso' vill gudd Letzeburger gèr é ge'nge kafen oder we'negstens le'nen? Wär et net besser, de Staat ge'ng de Preisen hir Heiser verlo'nen an d'Geld anze'en? Wär et net besser, d'Proprietären könnten hir Heiser verlo'nen, aplaz datt de Staat hinnen herno de verlurene Loyé muss zreckbezuelen? Wär et net besser, de Preisen hir Miwele ge'nge verkaft gin, aplaz datt se futti gin? Wär et net me' richteg, wann d'Radioen ge'nge verdélt oder verkaft gin un de', de' hir Radioe geholl kritt hun an u soss gudd Letzeburger, oder brengt et vleicht me' an, wann se op der Seit stin an d'Meis hir Näschter dra bauen?

Wann aus Nole'ssegkét oder Mangel un Initiativ oder durch borne'erte Bürokratissem dem Staat, an domatt eis allegur Millio'ne Schued entstin, da bero't dat op Zo'stänn, de' net dirfe virubestoen. A wann de Sequester nömmen eso'vill erabrengt, datt hié ka seng Beamte bezuelen, dann ass et e schlecht Geschäft a mir hätte besser gehat, am September de Preisen hire ganze Musek unzestiéchen, dann hätten all de' Leit, de' sech um Sequester d'Fangere kromm geschriwen hun an nach schreiwen, können op me' enger wichteger Plaz beschäftegt gin.

Ech kenne ké vun dénen Hären, de' fir de Sequester verantwortlech sin, mé ech stelle fest, datt net praktesch genug geschafft get a vun allem net se'er genug. Et irgert mech, datt eis Steiere musse me' he'ch gin, well kén do ass, dén eng Verantwortong wöllt iwerhuelen a soen: Bong, eso' get et elo gemâch an domatt fèrdeg. Wann dann och emol eppes nömmen durch é Büro gét aplaz durch siwenzeg, dann ass et dofir grad eso' gudd, wann dem Land dodurch Millio'ne gewonn gin. Dat ass fir eis dat wichtegst, an net, op e Schröftsteck neng Oennerschröften an zwiélef Stempelen huet, d'Hâptsâch ass, wann dat, wat beschloss get, praktesch a gudd ass: Wann dann och emol eng Ke'er e bössen doniéwt gehaen get, dat dét neischt, et ass nach ömmer vill besser, we' wann konsequent geschlof get an et brengt och bestömmt nach am Ganzen vill me' an.

De klenge Mann aus dem klengen Durf.

Et wor jo am Sequester muenches net an der Rei, ma et ass elo nei organise'ert gin an önnerstét elo den Hären Direkteren Dr. Albert CALMES, Dr. Jos. WOLTER. Regirongs-Commissär ass den Här J. MAROLDT.

Si hun de gudde Wöllen, de Sequester zum Wuel vu Land a Leit ze fe'eren, kengem zu Le'ft, kengem zu Léd. Et ass och net ze léchnen, datt se dofir de' ne'deg Kapazite'ten mattbrengen. Lôsse mer also net virgreifen an ofwarden. — D'Redaktio'n.

# Verrot um Land - E Manifest

(Fortsetzong vun der 1. Seit.)

An trotzdém huet dat Manifest matt dénen Önnerschröften ons démols getraff we' e Schlâg an d'Gesîcht. Et wor den e'schte Schrött an d'preisescht Lager; an dé Schrött hätt vu Letzeburger net därfe gemâch gin. Vum reng mönschleche Standponkt vum Enzelne verstét é jo, datt én an eso' engem Moment versét; ma et huet sech em Leit gehandelt, de' op verantwortongsvolle Posten sto'ngen. Hate si virdrun hirt Amt ugeholl, zum Dél so'gur sech higedrängt, dann hätt dat net nömmen därfe sin, fir a gudden Zeiten Geld an E'eren anzestiéchen, mé an Zeiten vun No't a Gefor hätte si missen als Beispill do stoen a we' en Zaldot le'wer stierwen ass we' verroden.

**Well wat si gemâch hun ass Verrod. Dat Amt, dat hinnen uvertraut wor, hu si mössbraucht fir dem Preiss ze notzen, dat Usinn, dat hirt Amt e verschâft huet, hu si hirgi fir Propagandazwecker, de' ge'nt hirt Land gericht woren. Si sto'ngen net als Privatperso'n do, a si haten och net dat Recht aus Privatrecksîchten d'Influenz de' hirt Amt e gin hât, ge'nt hirt Land ausnotzen ze lôssen.**

Et ass hârt. Mé hir Verfélong ass et net manner gewiéscht, an d'Konsequenzen vun hirem Schrött wore schwe'er. Wären d'Letzeburger vun Ufank un éneg gewiéscht fir all Kollaboratio'n mam Preiss ofzelénen, da wär vill Misär dem Land erspurt bliwen. Wären de' e'scht Dausenden net an d'VDB gângen, dann hätten de' aner net können dra force'ert gin. Si, Leit op aflossreiche Plazen, woren de' e'scht; an si hun öffentlech opgefurdert hirem Beispill ze follegen.

Et ass me'glech, datt hire Refus dén én oder dén aneren vun hinnen an de Prisong bruecht hätt oder an d'KZ oder datt se all ömgesidelt oder an Deitschland „dienstverpflichtet" gi wären. Grad si hätten dé Risiko missen agoen. Et sötzen der haut jo o'nidém zwé vun hinnen am KZ an anerer sin op des oder de' Mane'er doiwer.

Gewöss, si hun de Preiss nach net eso' kannt we' mir en haut kennen an si wossten net, wat nach alles ke'm. Mé si hun him geholleff sein Deiwelsplang ausfe'eren, si hun em d'Upak gin. An der Beurdélong vun hirer Verfélong muss jo selbstverständlech hirt spe'dert Verhalen dem Preiss ge'ntiwer op d'Wo geluegt gin. Mé eng spe'der revide'ert Haltong kann d'Schold nömme manner schwe'er mâchen ower net ewechwäschen.

r.

# De' dreche Kuscht vun der „Volksstimme"

De' dreche Kûscht vun der „Volksstimme,, get bal eng Schank, de' ofgeknat ass.

Jidferengem seint.

Dén én hölleft dem Arbechter gär virun, dén aner versprecht em Onme'gleches, nömme fir Stömmen ze kre'en.

Hält d'Volksstimme den Arbechter fir eso' domm net ze wössen datt bei eng Lo'nerhe'jong haut och eng stabil Preispolitik gehe'ert wann den Arbechter fir sein erhe'chte Lo'n och eppes kre'e soll?

Am Verdre'en zo' demagogeschen Zwecker woren de' Hären nach ömmer deck do, a mir wore wirklech Hännessen, we' mer gegléwt hun et wir we'negstens an Arbechter-Froen matt déne Leid ze schaffen zum Beschte vun der Arbechterwelt.

Mir rötschen net aus um Parteidanzbuedem, well mer net dropgin, dat hu mer jo mat aller Deitlechkét gesot, we' mer an onser allere'schter Entrevü bedeit hun, datt d'Kommunistesch Partei net als Partei der Unio'n beitriede könnt.

Well d'K.P. d'Unio'n awer fir hir Zwecker mössbrauche wollt, huet se versicht hannenerem durch d'Escher Sektio'n an d'Unio'n ze kommen a regt sech elo gewalteg op, we' mer nach émol „non possumus" soen.

An enger Ausssprôch matt Leid aus dem Comité vun der Unio'n huet den Här Urbany vun der K.P. viru kurzem richteraus gesot e richtege Kommunist könnt net an d'Unio'n goen, well hien hire Programm net unerkenne könnt.

Dat wosste mir vu vir eran, a dono hu mir gehandelt.

Nom Artikel vun der „Volksstimme" ze urtelen därft d'Unio'n iwerhâpt kén Nokrichsprogramm hun. Si wär nömmen eng Resistenzorganisatio'n, hätt elo fir d'Bestrôfung vun de Verre'der ze surgen an da wär hir Missio'n um Enn.

Also' mir hätte 4 Joer lâng den Efalt gespillt, ge'fen en och nach eng Zeitche spillen an dann ons ganz einfach zreckze'en an d'Geschecker vum Land nés dénen iwerlôssen, de' am Krich no der Devis geliewt hun: „Meng Sicherhét iwer alles".

Nén, dir Hären, so' wor et net gemengt. Scho we' d'Preisen nach hei woren hun d'Resistenzgruppen niéwe..t hirer Krichsarbecht och schon un d'Zokonft geduecht. Si hun et als hir helleg Flicht ugesin nom Krich um Neiopbau vun der Hémecht mattzeschaffen, fir datt de' Affer de' am Krich bruecht go'fen net onnötz wären. An dém Sönn hat all gro'ss Widderstandsorganisatio'nen hiren Nokrichsprogramm matt dém se haut an d'Oeffentlechkét triéden. Wiem dese Programm gefällt, dé soll zo' ons ston, wién ower eppes drun auszesetzen huet, vun dém erwarde mir eng proper a fair Kritik.

D'Unio'n.

Drock Fr. Bourg-Bourger, Letzeburg.